Lëtzebuerger Guiden a Scouten

#ScoutenDoheem


# DE GAART AM GLAS

Avex

**Wat s du brauchs**

- Een Amaachglas oder soss ee gliesenen Behälter mat min. 1l Volumen
- Kiselsteng
- Blummen Buedem
- eng kleng Schëpp oder ee Läffel
- eng Forschette oder soss ee Geschir mat engem laange Still
- Moos an ganz kleng Bëschplanzen déi an e Glas passen, Steng an aner Dekoratioun.

*Fotoë vu lénks no riets*



**Wat s de elo maache muss**

1. Féllt 2-3 cm Kiselsteng an Glas, sou entsteet eng Schicht, wou datt iwwerschëssegt Waasser kann anzéien.
2. Féllt äert Glas mat der klenger Schëpp oder mam Läffel bis zu 1/3 mat Blummebuedem.
3. Planzt ä gesammelt Planzen andeems dier eng Forschette oder een anert Geschir benotzt fir är Planzen an den Moos unzedrécken, wann néideg kënnt dier är Planzen oder Wuerzelen bëssen kierzen.
4. Lo kënnt dier är Glas nach esou dekoréieren wéi iech dat gefält z.B. mat Steng oder flotte Bengelen.
5. Befiicht de Bueden andeems dier e bëssen netzt oder mat enger Spréifläsch Waasser dra verdeelt
6. Dann den Deckel drop maachen an op eng Plaz stellen wou d` Glas keng direkt Sonnestralen ofkritt soss kéinten Planzen verbrennen.

Vill Spaass beim nomaachen

Lued eng Foto vun denger Aktioun op **lgs.lu/scoutendoheem** erop.